

Chamber vir, den Text an där ofgeännrter Form ze stëmmen. Ech kann lech och hei nëmme roden, den Text esou ze stëmmen mat deenen Amendementer, wéi d'Kommis-sioun et festgehalen huet. Ech kann lech och elo scho soen, dass d'CSV deen och esou wäert stëmmen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Meyers. Den honorabelen Här Etgen ass den éischte Riedner.

Discussion générale

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Här Presi-dent, Dir Dammen an Dir Härën, mat dësem Gesetz schafe mer eng Mini-Administra-tioun ouni Direkter. An där heiteger Zäit kënnt der Aarbechtsmedezin awer och der Kontrollfunktoun eng ëmmer méi grouss Bedeitung zou, an dat och am öffentlechen Déngscht. Dës medezinesch Servicer sinn de Moment an der Regierungsverwaltung ugesiedelt. Et muss ee sech froen, ob d'Kreatioun vun enger Mini-Verwaltung eng gutt administrativ Approche ass.

De Rapporteur Paul-Henri Meyers, deem ech dann ausdrécklech fir säi prezisen a kloer formuléierte schrëftleche wéi och mëndleche Rapport wëll félicitéieren, huet d'Beweggrënn vun der Regierung, fir op dee proposéierte Wee ze goen, duerge-luecht. Wann ee seet, datt d'Aarbecht vun dësem Service doranner besteet, fir de Suivi médical vun de Statsbeamten ze maachen, schéngt et mir och allichtend ze sinn, datt dës Missioun vu Statsbeamte soll gemaach ginn.

Doriwwer eraus ass vun 2006 un dëse Ser-vice och zoustänneg fir d'Gemegebeamten. Déi Kontrolldokteren, déi vun der vireg-ter Regierung agestatt goufen, haten och an Aussicht gestallt kritt, datt se de Statut vum Fonctionnaire kréichen, soubal d'Ka-dergesetz iwwer eng Administratioun do wier. Ee Verspriechen, wat also mat dësem Gesetz ageléist gëtt.

Här President, wéinst der helleger Obliga-tioun vun der Onofhängegkeet vun den Dokteren, awer och wéinst der Vertraulech-keet vun de medezineschen Donnéeën ass d'Demokratesch Partei mat dëser Minizell am öffentlechen Déngscht averstanen an ech wëll den Accord vun der Demokrate-scher Partei zu dësem Projet ginn.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Etgen. Här Schreiner, wann ech glift.

» **M. Roland Schreiner (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'alleréischte emol en härez-leche Merci dem Kolleeg Paul-Henri Meyers fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, dee selbstverständlech, esou wéi hien och hei en eindringlechen Appel gemaach huet un déi verschidde Fraktiounen, och d'Zoustëmmung vun der LSAP-Fraktioun wäert fannen.

De Rapporteur huet och eigentlech alles zu dësem Projet de loi gesot. Ech wëll awer kuerz op e puer Aspekter agoen, déi eis trotzdeem wichteg erschéngen. Ech men-gen, dass dat heiten e ganz wichtegt Ge-setz ass fir den öffentleche Secteur, well och an deem Beräich d'Gesondheet op der Aar-bechtsplaz e ganz bedeitende Stellwäert huet an d'Qualitéit vun der Déngschtleesch-tung, déi am Service public geescht gëtt am Intérêt vun eise Bierger, och dovun ofhängeg ass. Ech mengen, dass et sech als noutwendeg erweisen huet, opgrond vun den Erfahrungen, déi zënter der Kreatioun vun engem Service médical am Secteur pu-blic am Joer 2003 gemaach goufen, d'Or-ganisatioun ronderëm d'Aarbechts- an d'Kontrollmedezin awer méi kloer ze struk-turéieren. Eng eegen Administratioun er-laabt et ganz einfach, eng fix a vill méi onofhängeg Struktur ze schafen, déi direkt dem Minister dann ënnerstallt ass.

Et ass just dës Onofhängegkeet - et ass schonn hei gesot ginn -, déi muss ervirge-strach ginn an déi fir esou eng medezi-nesch Struktur absolut wichteg ass. D'Onofhängegkeet ass absolut noutwen-deg, notamment am Hibleck op d'Confiden-

tialitéit och vun de Gesondheetsdaten, déi zu deene sensibelste Kategorië vun Date gehéieren, déi mer hunn. Et ass och dem Législateur seng Pflicht a Schëllegkeet, alles drunzesetzen, dës Daten esou gutt wéi méiglech virun onerlaabtem Zougrëff ze schützen. E Rattachement un eng aner Ad-ministratioun hätt dës Onofhängegkeet sé-cher net kënnen an deem Mooss garantéie-ren.

De Statsrot huet sech jo gefrot, ob et nout-wendeg wier, eng eege Mini-Administra-tioun ze schafen, wou souwisou nëmmen e puer Leit dra wieren. Mir sinn der Meinung, dass et net d'Zuel vun de Leit soll sinn, déi ausschlaggebend ass, fir ze décidéieren, ob eng eegen Administratioun soll geschaf ginn oder net, mä éischter d'Bedeitung an d'Aufgab, déi se ze erfëllen huet. An déi ass souwuel fir d'Aarbechtsmedezin wéi fir d'Kontrollmedezin enorm, an hir Aktivitéite si wäit gefächert.

Ech hunn emol eng Kéier e Bléck an de Rapport d'activité vum Joer 2007 vum Ser-vice médical geworf. Do gesäit ee ganz daitlech, dass d'Unzuel vun den Aufgaben a vun den Interventiounen an deene leschte Jore kontinuëierlech eropgaangen ass. Esou sinn zum Beispill d'Examens médi-caux d'embauche vun 1.458 op 1.719 gek-lomme vun 2006 op 2007. Och déi preven-tiv medezinesch Kontrolle si vu 67 op 136 an d'Luucht gaangen. Och wat d'perio-desch Kontrollen ugeet vun deene Leit, déi op Postes à risque schaffen, esou sinn do 317 Leit examinéiert ginn, par rapport zu nach nëmmen 90 am Joer 2006.

Et gesäit een also, dass d'Aarbechtsme-dezin och am Secteur public ëmmer méi u Bedeitung gewënnt, an datselwecht géillt och fir d'Kontrollmedezin, déi jo och eng wuessend Evolutioun matmécht. 2007 ass d'Zuel vun de Kontrollen ëm 12% par rap-port zu 2006 geklommen, eleng ëm 24% wat d'Krankeschäiner ugeet. A vun 2004 op 2007 ass et insgesamt eng Steigerung ëm 51%.

Et soll een awer och betounen, dass de Kontrolldokter net nëmmen eng repressiv Missioun ze erfëllen huet, mä virun allem och eng wichteg sozial Aufgab ze erfëllen huet. Hie gëtt ganz oft konfrontéiert mat fa-miliären, sozialen oder och beruffleche Pro-blemer, déi an direkter Relatioun mat der Krankheet vum Agent sinn, a seng Missioun erlaabt et him ganz oft, an dëse Konfliktsi-tuatiounen ze hëllefen an ze beroden. Do kann dann och, ënner Ëmstänn, de Lien mat der Aarbechtsmedezin erëm eng Kéier ge-maach ginn, doduerch, dass de Beamten eventuell Accés ka kréien zu engem Posten, dee besser op säi Krankheitsbild, wat hien dann eventuell huet, adaptéiert ass.

Dofir ass et och wichteg, dass dëse Geset-zesprojet et erlaabt, d'Dokteren, wat de Mo-ment der jo véier sinn, mat dem néidege Personal ze encadréieren, ze assistéieren an och ze complémentéiere mat Infirmieren, deem néidege Personal am Sekretariat, an och Psychologen, well d'Fäll, mat deenen d'Dokteren ze dinn hunn, net onbedéngt nëmme méi medezinescher Natur sinn, mä ganz oft, an och ëmmer méi heefeg psycho-logescher Natur sinn.

Voilà, Här President, dat sinn déi puer Re-marquen, déi ech maache wollt. Fir de Rescht, mengen ech, huet de Rapporteur Paul-Henri Meyers, dem ech nach eng Kéier wëll Merci soen, alles gesot. Et ass e wich-tegt Gesetz, fir d'Qualitéit vun der Aar-bechts- a Kontrollmedezin am Secteur pu-blic ze verbessern, an dofir gëtt et och selbstverständlech vun der LSAP ën-nerstëtzt.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Schrei-ner. Den honorabelen Här Adam huet elo d'Wuert.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Ech wëll just vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem honora-bele Rapporteur, dem Här Paul-Henri Meyers, Merci ze soe fir säi schrëftlechen a fir säi mëndleche Rapport.

Hien huet net nëmmen den Inhalt vum Ge-setz gutt ëmrass, mä hien huet och gutt erkläert, firwat dass mer op verschidde Punkte vum Statsrot agaange sinn an op anerer net, an ech wëll den Accord vun der grënger Fraktioun zu dësem Gesetz brén-gen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Adam. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll och dem Kolleeg Rap-porteur Merci soe fir säi gudden Rapport. Ech mengen, et ass alles gesot, an ech bréngen och domadder d'Zoustëmmung vun eisem Grupp.

» **M. le Président.** - Den Här Minister Wiseler huet elo d'Wuert.

» **M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme admi-nistrative.** - Ech wollt dem Rapporteur an och all de Fraktiounen Merci soe fir déi grouss Ënnerstëtzung fir dat Gesetz.

» **M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Härën, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. De Vote iw-wert dëse Projet fënnt spéider statt. Den nächste Punkt ass d'Diskussioun vum Projet 5889, eng Ofännerung vum Statsbeamte-statut. D'Wuert huet och hei de Rapporteur, den honorabelen Här Meyers.



2. 5889 Projet de loi modi-fiant et complétant

a) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État

b) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des trai-tements des fonctionnaires de l'État

c) la loi du 14 novembre 1991 fixant les conditions et les mo-dalités de l'accès du fonction-naire à une carrière supé-rieure à la sienne

d) la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut se faire changer d'administra-tion

e) la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisa-tion militaire

f) la loi du 21 décembre 2007 modifiant la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'orga-nisation militaire

Rapport de la Commission de la Fonc-tion publique et de la Réforme adminis-trative, des Media et des Communica-tions

» **M. Paul-Henri Meyers (CSV), rap-porteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härën, de Projet 5889 ass de 4. Juni 2008 an der Chamber deponéiert gi vun dem zoustännnege Minister vun der Fonction pu-blique. De Projet huet als Zil, net manner wéi sechs verschidde Gesetzer ofzeänneren. Fir de mëndleche Rapport op eng ee-negermoosse verständlech Manéier virze-droen, wëll ech kuerz op déi eenzel Ofänner-ungen, Text fir Text, agoen.

Dat éischt Gesetz, wat geännert gëtt, ass d'Gesetz vum 16. Abrëll 1979 iwwert de Beamtestatut. Geännert ginn d'Artikelen 2 an 28. Am Artikel 2 iwwert d'Astellung vun de Statsbeamten, déi als Experte betruecht ginn, ginn d'Texter preziséiert. D'Astellung vun deene sougenannten Experten ass am Gesetz vum 19. Mee 2003 virgesinn. Dat hat d'Astellung virgesinn, ouni awer déi néideg Avancementer ze preziséieren, esou wéi déi Leit och géifen an der Statsbeamtecarrière evoluéieren. Déi Detailler ginn elo an deem heiten Text festgeluecht, an ech verweisen do op de schrëftleche Rapport an op den Text selwer, ouni do op all Finessé vun den Avancementer an enger Carrière wëllen an-zegoen.

Deen zweeten Artikel, dee geännert gëtt, ass den Artikel 28, dee gëtt compléiert. Hie betrëfft d'Schafung vun deem souge-nannte Congé de formation. Am Privatsec-teur ass de Congé de formation geschafe ginn duerch d'Gesetz vum 24. Oktober 2007. De Statsrot hat d'Dispens vun deem Text net ginn, well dee Moment de Projet iw-wert de Congé de formation am öffentleche Secteur, souwuel beim Stat wéi och bei de Gemengen, nach net virgeleeën huet. Deen Text huet also zweemol misse vun der Chamber gestëmmt ginn, well do de Stats-rot net d'accord war an dat als eng On-gläichheet ugesinn huet, dass de Congé de formation am Privatsektor geschafe géif ginn an net am öffentleche Secteur.

Dir Dammen an Dir Härën, dat geschitt elo mat deem heite Projet. De Congé de forma-tion, deen 80 Deeg ausmécht, iwwert d'ganz Carrière verdeelt, enthält awer och déi 30 Deeg Congé, déi elo schonn am Arti-kel 22, Paragraphe 6.1 vun dem Gehälter-gesetz vun 1963 virgesi ginn. Am Geme-nesecteur gëtt de Congé de formation ge-

schafen duerch de Projet de loi 5893. Dee Projet ass vum Statsrot aviséiert, d'Kommis-sioun huet sech domat befaasst, an ech géif mengen, dass och dee Projet no de Feier-deeg an d'Chamber ka kommen an ofge-stëmmt ka ginn.

Dat zweet Gesetz, wat geännert gëtt, ass d'Gehältergesetz vum 22. Juni 1963. Dëst Gesetz gëtt op zwee Punkte geännert. Den Artikel 6bis gëtt compléiert, fir ze erlaben, dass ee Beamten, deen aus dem öffentle-chen Déngscht fortgeet an nees erëmkënn't fir nei agestatt ze ginn, ee Supplément per-sonnel de traitement ka kréien, fir ze verhën-neren, dass hien no der Neiaustellung man-ner verdéngt wéi zu deem Zäitpunkt, wou hien den öffentlechen Déngscht verlooss huet.

Deen zweeten Artikel, deen am Gesetz vun 1963 geännert gëtt, ass den Artikel 9, dee betrëfft d'Allocation de famille, net ze ver-wiessele mam Kannergeld. Dat hei ass ee Supplément de traitement am Kader vun dem öffentlechen Déngscht. No de Bestëm-mungen, déi elo a Kraaft sinn, kënnen zwou Persounen aus deemselwechte Stot, sief et, dass se bestuet sinn oder duerch e Part-e-nariat verbonne sinn, déi allen zwee am öf-fentlechen Déngscht schaffen, nëmmen d'Halschent vun där héchstméiglecher Allo-cation de famille kréien.

Den Auteurë vum Text no, an ech mengen, dass dat och richtig ass, wär dat net ge-recht. Well wann eng Persoun eleng, déi be-stuet ass oder déi an engem Partenariat dran ass, beim Stat schafft, kritt se déi ganz Allocation de famille. Am Verglach zu där Persoun besteet also fir déi zwee Leit, déi hallef Deeg oder deelweis schaffen, eng Ongerechtegkeet. Dofir gëtt deen Text elo geännert an et gëtt d'Méiglechkeet gescha-fen, dass an engem Stot, wou zwee Partner jiddwereen hallef schafft, deen Text vir-gesäit, dass eng ganz Allocation de famille ka bezuelt ginn.

Een drëtten Text, dee geännert gëtt, ass d'Gesetz vum 14. November 1991, dat d'Bestëmmunge festleet fir d'Beamten, déi d'Carrière changéieren. Do gëtt den Artikel 6 geännert.

De Beamten, deen d'Carrière changéiert, gëtt an där neier Carrière esou agestuuft, dass en néischt vu sengem Gehalt, wat e virdrun hat, verléiert, well jee nodeem wéi déi Astufung wär, misst en ënnen an der Carrière erëm ufänken an e kéim domat schlecht ewech. Dat wier keng Incitatioun fir wierklech d'Carrière ze changéieren; gëtt also och an deem heiten Text geännert.

Ee véiert Gesetz, wat geännert gëtt, ass d'Gesetz vum 27. Mäerz 1986, dat d'Bestëmmunge festleet, no deenen ee Beamte vun enger Verwaltung an eng aner Verwaltung ka wiesselen.

Bei deem Wiessel gëtt de Beamten, deen d'Verwaltung wiesselt, wat säi Rang ugeet, an där neier Verwaltung un ee sougenann-ten Agent de référence festgebonden. Dat heescht, en avancéiert an där neier Verwal-tung an deemselwechte Mooss wéi och déi Persoun, un déi en ugebonden ass, avan-céiere kann.

Wann awer elo dee Beamten, un deen en ugebonden ass, d'Verwaltung verléisst, entsteet souzesoen ee Vide. Dee Beamten huet keen Agent de référence méi. Hei gëtt virgesinn, fir d'Avancementer an där neier Verwaltung och fir d'Zukunft ze garantéie-ren, dass dee Beamten, deen also d'Verwal-tung changéiert a wou et Problemer géif ginn, och wa säin Agent de référence d'Ver-waltung verléisst, seng Avancementer behält an an deemselwechte Mooss kann avancéieren, wéi wann den Agent de réf-érence nach do gewiescht wär.

Dat fënneft Gesetz, wat ofgeännert gëtt, ass d'Gesetz iwwert d'Organisation militaire vum 23. Juli 1952. Geännert gëtt do den Ar-tikel 25 vum Gesetz, dat de Fräiwëllegen aus der Arméi eng absolut Prioritéit zouge-steet bei der Astellung am öffentlechen Déngscht.

Dat Prioritéitsrecht gëtt an deem Sënn ver-vollstännegt, dass dee Fräiwëllegen awer och an Zukunft, fir am öffentlechen Déngscht agestatt ze ginn, déi néideg Kompetenzen a Qualifikatiounen muss hunn, déi deem Profil entspreche vun där Plaz am öffentlechen Déngscht, wou e kandidéiere wëllt.

Dat ass eng Verbesserung vun deem Text. Besonnesch och am Intérêt vun der öffent-lecher Verwaltung, ouni awer, géif ech men-gen, d'Rechter vun deem Fräiwëllegen hei ze schmäleren.

Ausserdeem ginn duerch den Artikel 6 ver-schidden lertëmmer a falsch Citatiounen an dem Militärgesetz vun 1952 redresséiert.

Den Artikel 7 vun dem Gesetz, wat mer haut stëmmen, huet eng Rei Propositionen virge-

sinn, déi Dispositions transitoires an abrogatoires betraff hunn.

De Statsrot huet virgeschloen, dass deen Artikel an dräi verschidden Artikelen opgedeelt sollt ginn, jee nodeem wat fir eng Bestëmmungen doran enthalte sinn. Dat ware wéi gesot déi sougenannt Dispositions transitoires an abrogatoires. Déi Bestëmmungen, mengen ech, brauchen, well et sech ëm Bestëmmungen handelt, déi ofgeschaaft ginn, net weider kommentéiert ze ginn. Déi néideg Explikatiounen, fir deen, dee sech wirkleech interesséiert, fënnt en dann am mëndleche Rapport an am Text vun der Regierung erëm.

Här President, d'Kommissioun vun der öffentlecher Fonctioun huet eestëmmeg de Rapport an domat och den Text vun deem neie Gesetz guttgeheescht. Ech bieden also och d'Chamber, der Kommissioun hei ze follegen an den Text esou unzuhuelen, wéi d'Kommissioun dat virschléit. Ech bréngen och heimat den Accord vun der CSV.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Den Här Etgen huet d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet erleedeegt d'Regierung haaptsächlech eng Rei Hausaufgaben, déi nach aus dem Accord salarial tëschent der CGFP an der Regierung vum 5. Juli 2007 opstounge.

Wann een den Titel vum Projet de loi 5889 liest, an déi wichteg Gesetzer gesäit, déi modifizéiert ginn, kéint ee mengen, mir hätten et mat enger extrem wichtiger Reform an der Fonction publique ze dinne. Deem ass awer net esou.

Am Avis vun der Beruffskummer vun de Statsbeamte gëtt och duerfir drop higewisen, datt d'Regierung ëmmer erëm an deen alen Trapp zrëckfällt a Gesetzer op den Instanzewee schéckt, déi een als Lois pour tout ka qualifizéieren. Dës Bezeechnung ass awer kee Wäertuerteel iwwert déi proposéiert Modifikatiounen. An awer!

Esou Gesetzer, besonnesch wann een am Titel emol net erausfënnt, ëm wat datt et sech annähernd kann handelen, si fir den Normalstierflechen net liesbar. D'Gesetzer sollen einfach, kloer a prezis sinn. Fakt ass awer, datt mer et hei mat enger Rei Mesuren ze dinne hunn, déi ënner sech näischt mateneen ze dinne hunn a wou et och keen normale Lien gëtt.

Virewech a vläicht grad dofir Félicitatiounen an een opriichtege Merci un de Rapporteur, den Här Paul-Henri Meyers, fir säi strukturiéierte schrëftleche Rapport a säi verständleche Rapport.

Wann ech virdru gesot hunn, datt esou Gesetzer fir den Normalstierflechen net liesbar sinn, da muss ech weider agestoen, datt d'Basisgesetzer wéi de Statut vum Statsbeamten oder och d'Gehältergesetz no där x-ten Upassung emol net méi fir déi concernéiert Beamte liesbar, interpretéierbar a verständlech sinn. Just e puer Paragraphenreider, am positive Sënn gemengt, aus dem Ministère selwer fanne sech am Dschungel vun den Ofännerungen, Modifikatiounen, Adaptatiounen, de groussherzogleche Règlementen a ganz oft de Jurisprudenzen erëm.

No dëse generellen Iwwerleeungen, déi ech awer onbedéngt wollt lassginn, wëll ech am Telegrammstil op e puer Modifikatiounen agoen.

- Eng modern Fonction publique verlaangt ee méi flexibele Mechanismus fir sougenannt Experten a Spezialisten anzustellen, déi eng zolidd Berufserfahrung an engem spezifischen Domän matbréngen. Fir d'Fonction publique attraktiv fir esou Leit ze maachen, mussen also Ureizer geschafen a Barrieren eliminéiert ginn. Als DP-Fraktioun si mir mat dësen Upassungen d'accord.
- Wa mer dauernd vun engem liewenslaange Léiere schwätzen, wann d'EU-Kommissioun schonn am Joer 1985 an hirem Wäissbuch „Enseigner et apprendre * Vers la société cognitive“ vun der enormer Wichtigkeet vum permanente Léiere schwätzt, well eng formidabel Dynamik am Wësse läit, wa mer ëmmer erëm fuerderen, datt d'Bildung en elementaart Recht ass, ass d'Afféiere vun engem Congé de formation grad an der Fonction publique, nieft deene ville spezielle Congéen, déi mer schonn hunn, eng iwwerfälleg Mesure.
- Déi gesellschaftlech Verännerungen - ëmmer méi Leit, déi vun der Deelzäitaarbecht profitéieren - bréngen eng Vielfalt vu verschidde Cas de figure mat sech. D'Réglementatioun vum Opdeele vun der Allocation de famille ass also eng logesch

Suite vun den Interpretatiounsschwieregkeeten aus der Vergaangenheet. Op dësem Punkt treffe meng generell Iwwerleeunge wéi d'Fauscht op d'A zou.

Erlaabt mer nach e puer Wuert iwwert den Droit de priorité absolue fir eis fräiwëlleg Zaldoten ze soen. Et ass dëst eng Mesure, déi d'Attraktivitéit fir déi jonk Leit an d'Armée ze goe sollt optiméieren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Fernand Etgen (DP).** - An der Vergaangenheet gouf et awer Interpretatiounsschwieregkeeten, déi zu Jurisprudenze gefouert hunn, déi awer och an de Medië staark thematiséiert goufen.

An dësem Projet gëtt dësen Droit de priorité absolue beschneiden, andeems datt gesot gëtt, de Profil vum Poste misst dem Profil vum Kandidat entsprechen. Et ass dëst eng ausschweifend Formulatioun, déi weder de Statsrot ganz zefridde gestallt huet a scho guer net d'Beruffskummer vun de Statsbeamten, déi mat Nodrock drop pochen, dësen Artikel aus dem Gesetz einfach ze sträichen. Ech zitéieren: «La Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ne peut de toute évidence que s'y opposer. En effet, à quoi bon faire des efforts pour accroître l'attrait de l'armée si, par des réformes parasites, on sabote son propre travail.»

Als DP-Fraktioun géife mir eis eng pragmatesch Approche an dëser Thematik wënschen, fir dem Geescht, dee mer jiddefalls deelen, vum Droit de priorité gerecht ze ginn. Eng optimal Notzung vum Humankapital verlaangt nämlech eng professionell Gestéiung vun de mënschleche Ressourcen, déi vun engem gesonde Pragmatismus soll geleet ginn.

All aner Punkte goufe prezis vum Rapporteur duergeluecht. D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei gëtt also och hir Zoustëmmung zu dëse Punkten, wéi och zu allen aneren Ännerungen an textuelle Verbesserungen, déi an dësem Gesetz enthalte sinn.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Etgen. Den honorabelen Här Jean-Pierre Klein huet d'Wuert.

» **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur fir seng gewinnte Präzisiounen a senge Rapporten. An dësem Projet ginn nach verschidde Moossnamen aus dem Accord salarial vum 5. Juli 2007 tëschent der Regierung an der CGFP ëmgesat. Do dernieft ginn awer aner Dispositiounen vum Statut général vun de Statsbeamten an aner Gesetzer ofgeännert an ergänzt. Si sinn éischter punktuell, awer an hirer Konsequenz net onwichtig.

D'Fro ass tatsächlech vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics opgeworf ginn, ob et net besser gewiescht wier, dës eenzel Punkten a separaten Texter ze behandelen. Si kritiséiert, datt d'Regierung, wéi esou oft schonn, en eenzege Projet de loi fir esou Dispositiounen gemaach huet. De Statsrot ralliéiert sech op dësem Punkt der Chambre professionnelle. Et hätt een effektiv kënnen, wat d'Form ubelaangt, déi eng oder déi aner Dispositioun a separaten Texter behandelen. Dat ännert awer näischt um Fong. All dës Dispositiounen sinn eng Verbesserung vum Statut général an de Konditiounen vun de Beamten am Allgemengen.

De Rapporteur huet d'Dispositiounen vum Projet de loi erkläert. Ech wollt just nach op e puer Punkten agoen, wat de Congé individuel de formation ubelaangt. Am Privatsecteur ass dat schonn de Fall, ass dat scho méi laang de Fall. Och fir de Secteur public ass dat eng ganz wichteg Moossnam, dat Recht op e Congé de formation, dat och soll genotzt ginn, net nëmmen am Intérêt vum Agent public, fir sech op Examen virzebereeden, mä fir sech permanent op Neierungen an op d'Uspréich vun der Gesellschaft anzustellen.

D'Aarbechtsufuerderungen an eiser Wëssengesellschaft changéiere bestänneg, an den Agent public muss sech dorun upassen, fir der héijer Qualitéit vum Service public am Intérêt vun dem Administré gerecht ze ginn. Lifelong learning ass am öffentliche Dëngscht vu grousser Wichtigkeet, dat am gesamte Service public, Stat a Gemengen. Duerfir mussen natierlech déi implizéiert Fonctionnaires, Beamten déi néideg Zäit zur Verfügung gestallt kréien, Stats- a Gemeindebeamten. An och fir d'Gemeengebeamten ass e Projet de loi um Instanzewee, fir och hinnen ee Congé de formation zougestoen. De Projet de loi ass scho vum Statsrot aviséiert ginn, souwäit wéi ech weess.

D'Allocation de famille, d'Familljenzoulag,

wat mer fréier emol ëmmer d'Allocation de chef de famille genannt hunn - dat ass ofgeännert ginn -, gëtt gerecht tëschent zwee Conjointen oder Partner verdeelt, déi alle béid eng Tâche à temps partiel hunn, an zwar am Verhältnis zu hirem Beschäftigungsgrad. De Statsrot mengt, et soll een d'Allocation de famille e Bestanddeel vum Gehalt gi loossen - scho méi oft wier déi héich Kierperschaft mat Problemer vun der Allocation de famille befaasst ginn, an et wier schwéier, sech an der Problematik erëmzefannen -, duerfir ewech mat den dësueté Bestëmmungen, fir se an den Traitements de base afléissen ze loossen.

En aneren interessante Punkt ass den Droit de priorité absolue fir d'Zaldoten, d'fräiwëlleg Zaldoten, am Fall wou si Kandidat sinn, fir e Poste beim Stat ze briguéieren. Momen-tan verfüge si iwwer eng absolut Prioritéit. Et ass sécherlech ubruecht, dass hinnen Entgéintkomme geschëllt ass. Fir hir Aarbecht verdénge se Unerkennung, déi gewësse Prioritéiten rechtfertegen, déi awer ze relativéiere sinn.

Et ass nämlech verständlech, dass am Intérêt vum gudden Fonctionnéiere vum Service public dee richtege Mann oder déi richteg Fra op déi gëeegent Plaz kënn. Et ass kengem gehollef, weder dem fräiwëllegen Zaldot nach der betreffender Verwaltung, wann de Kandidat riskéiert den Ufuerderungen net gerecht ze ginn. De Kandidat muss deen néidege Profil hunn, a wann d'Kandidat plus ou moins op darselwechter Échelle sinn, huet de fräiwëllegen Zaldot Prioritéit, mä eleng den Härebiere geet net duer.

Nieft deene Bestëmmungen gëtt et nach eng Rei vun anere Verbesserungen, wéi zum Beispill eng adequat Gehaltsastufung bei der Fonctionariséierung vun Experten, déi ursprénglech aus dem Privatsecteur an de Statsdëngscht, ënner erlicherte Konditiounen, komm sinn. Och si verdénge, datt hir Expertise, déi se matbréngen, honoréiert gëtt. Datselwecht gëllt bei engem Changement de carrière.

Dëse Projet de loi bréngt sonnerzweifel Verbesserungen am Intérêt vum Service public a vun den öffentleche Beamten, an duerfir ginn ech och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Klein. Den honorabelen Här Adam huet d'Wuert gefrot.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. De Statsrot schwätzt vun engem „projet fourre-tout“, a mir gesinn dat effektiv och esou. Wann allerdéngs d'Alternativ gewiescht wier, fir lauter kleng eenzel Gesetzer ze maachen, dann hu mer léiwer hei en „projet fourre-tout“. Et géif bestëmmt och der Kloecheit näischt dëngen, wann ech dat géif widderhuelen, wat hei schonn oft gesot ginn ass. Ech wëll mech just eben drop beschränken, dem honorabele Rapporteur, dem Här Paul-Henri Meyers, Merci ze soe fir säi mëndlechen a säi schrëftleche Rapport, deen erëm an där gewinnter Qualitéit war an och dat kloer a prezis duergestallt huet.

Eng lescht Remarque nach: De Statsrot schwätzt och vun engem „byzantinisme juridique“ wat d'Allocation de famille ugeet. Mir begrëssen et ausdrécklech, datt déi Opspléckung gemaach gëtt, an dat zwee Leit, déi beim Stat hallef schaffen, och kënnen an de Profit vun där ganzer Allocation familiale kommen. Ech hat dat schonn eng Kéier erwähnt, wéi mer iwwert de Gehälterofkommes bei de Statsbeamten geschwat hunn, an ech begrëssen dat och hei ausdrécklech. Dat ass eng gutt Mesure.

Merci un de Rapporteur an den Accord vun eiser Partei.

» **M. le Président.** - Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert elo.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Et bleift mir just dem Rapporteur nach eng Kéier Merci ze soen an d'Zoustëmmung vun eiser Säit ze bréngen.

» **M. le Président.** - Den Här Jaerling huet d'Wuert gefrot.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Félicitatiounen och dem Här Rapporteur. Trotz alle gudden Richtlinien, déi mat dësem Gesetz a Kraaft triede wäerten, muss ech mech leider enthalen, well nach ëmmer deen diskriminatoresche Privileg oprechterhale gëtt, laut deem déi Persounen, déi de fräiwëllege Militärdëngscht geleesch hunn, bei der Embauche beim Stat a bei Gemengeservicer

privilegiéiert solle ginn. Och, wann den diesbezüglichen Artikel 25 vum Militärgesetz mat dësem Gesetz elo e bësse relativéiert ginn ass, bleift en nach ëmmer diskriminatoresch. Ech wëll drun erënneren, dass den Artikel 10 vun eiser Verfassung a sengem Alinea 1 seet, dass d'Lëtzebuerger virum Gesetz all gläich sinn. An den zweeten Alinea seet, dass d'Lëtzebuerger fräien Zougang zu allen öffentleche Plazen hunn. An den Artikel 11 vun eiser Verfassung seet, dass et am Stat keng Distinction d'ordre d'äerf ginn.

Deemzufolleg, Här President, sinn all Dispositiounen, déi deem zuwiderstinn, ganz einfach verfassungswiddreg. Ech hat och eng Gesetzespropositioun agereecht, fir den Artikel 25 vum Militärgesetz ze sträichen, awer och de Règlement grand-ducal vum 13. Dezember 2004 ofzeschaffen, deen d'Virrechter vun den Zaldoten bei der Embauche beim Stat a bei de Gemengen nach méi kloer definéiert. An dësem Gesetz geet iwwerhaupt keng Rieds vun deem Règlement grand-ducal. Dofir froen ech, bleift deen elo bestoen oder net? Wann e bestoe bleift, dann ännert sech un den Ausféierungsbestëmmungen guer näischt, well beim Examen gëtt nämlech eng zweet Ranglëscht gemaach, niewent där normaler Ranglëscht, dat heescht et gëtt eng Ranglëscht vun de Kandidaten, déi net beim Militär waren, an et gëtt eng vun de Kandidaten, déi beim Militär waren. An ech fannen dat och diskriminatoresch.

Ech sinn einfach der Meenung, dass jiddwereen, dee sech do stellt, soll op enger Lëscht figuréieren, an dass jiddweree soll déiselwecht Chancen hunn. Ech menge mir hunn um Aarbechtsmaart Problemer genuch, fir dass d'Leit eng Aarbecht fannen, a jiddweree soll an dëser Situatioun déi gläich Chancen hunn. D'Zäit vun de Privilegië fir eng Aarbecht ze sichen oder fir eng Aarbecht ze fannen, déi muss definitiv um Enn sinn, soss brauche mer hei net méi iwwer Chancëgläicheit ze schwätzen.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Den Här Minister Wiseler huet d'Wuert elo.

» **M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Merci, Här President. Fir d'éischt dem Rapporteur Merci, an de Fraktiounen och Merci fir d'Ënnerstëtzung vun deem Gesetz. Ech wollt nach eppes soen zu e puer Remarquen, déi hei gemaach gi sinn.

Éischstens, déi Remarque vun der „loi fourre-tout“. Effektiv sinn an dësem Text sechs verschidde Moossnamen, déi mer aféieren. Ech hunn awer elo hei héieren, datt d'Fraktiounen alleguer soen, datt se mat deene sechs Moossnamen d'accord sinn an datt se se ausdrécklech alleguer begrëssen.

Déi eenzeg Alternativ wär natierlech gewiescht, fir sechs separat Gesetzer ze maachen. Dat kann d'Regierung selbstverständlech maachen. Mä fir all déi, déi an deene leschte Wochen heibannen eng Simplification administrative gefrot hunn, déi eng rationell Aarbecht gefrot hunn an déi gefrot hunn, datt mer dat sollen esou effikass wéi méiglech maachen, mengen ech, wier dat keng gutt Léisung gewiescht. Ech mengen, et soll een also hei konsequent sinn.

Ech géif dat hei also och net gär als eng „loi fourre-tout“ bezeechnen loossen. Ech géif éischter soen, et ass eng „loi qui ratisse large“, déi eis an der Simplification administrative erlaabt weiderzekommen.

Den zweete Punkt, deen ech wëll soen, dat ass dee vun der Organisation militaire. Éischstens huet d'DP-Fraktioun gesot, datt mer eng Approche hei hätten, déi net pragmatesch genuch wär. Do muss ech awer zum Ausdrock bréngen, datt ech bei där Formulatioun, esou wéi mer se hei proposéiert hunn, awer net gesinn, wéi se méi pragmatesch kéint sinn. Mir wëllen d'absolut Prioritéit - contrairement zu deem, wat den Här Jaerling gesot huet - bestoe loossen, well mer einfach mengen, datt déi Fonctioun vum Militärdëngscht wichteg ass an datt déi Transitioun, esou wéi se scho laang Jore besteet, och Sënn mécht an duerchaus justifiabel ass.

Dat Eenzege, wat mer gären hätten, dat ass fir d'Fonction publique, datt déi Leit, déi op

Posten an der Fonction publique sinn, och déi Erausforderungen an déi Qualifikatioune minimal hunn, déi fir déi Posten appropriéiert sinn. Dat fannen ech eppes Logesch an eppes Sënnvolles. An ech fannen et duerchaus pragmatesch, wann een an engem Text seet, datt ee ka froen, datt déi minimal Viraussetzungen erfëllt sinn, fir op e Posten ze kommen.

Méi onadministrativ a méi pragmatesch kann ee kaum an esou engem Text virgoen. Dat zu de Remarquen. Nach eng Kéier Merci fir d'Ënnerstëtzung vum gesamten Text.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5889 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen, bei 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par Mme Christine Doerner), Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

3. 5870 - Projet de loi portant création de l'Administration des Services médicaux du Secteur public (suite)

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen dann of iwwert de Projet de loi, deem d'Schafung vun enger Administration des Services médicaux du secteur public virgesäit.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5870 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Lucien Clement), Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul

Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry (par M. Romain Schneider), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;

M. Ali Jaerling.

Gëtt d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zu eisem Pavillon fir d'Expositioun zu Schanghai. De Rapporteur ass fir dëse Projet den honorabelen Här Lucien Clement. Ech géif lech bieden, Här Clement, de Rapport vun der Kommissioun virzedroen.

4. 5911 - Projet de loi relatif à la construction du Pavillon luxembourgeois pour l'Exposition universelle 2010 à Schanghai

Rapport de la Commission des Travaux publics

» **M. Lucien Clement** (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, mir sollen haut iwwer e Projet ofstëmmen, deem u sech komplett aus dem Kader vun deene Bauprojekte fällt, mat deene mer eis soss hei an der Chamber beschäftegen. Mir sollen haut nämlech net iwwer e Lycée, en Tunnel, eng Autobunn oder en Altersheem, eng Klinik oder soss e konventionelle Konstruktionsprojet diskutéieren, deem deemno och zu Lëtzebuerg realiséiert soll ginn, mä iwwert de lëtzebuergesche Pavillon fir d'Weltausstellung am Joer 2010 zu Schanghai.

Lëtzebuerg hält zwar regelméisseg u Weltausstellungen deel, mä baut awer net op all Weltausstellung en eegene Pavillon. Déi leschte Kéier, wou eist Land en eegene Pavillon gebaut huet, war op der Weltausstellung '92 zu Sevilla. An elo, wou déi nächst Weltausstellung am bevölkerungsräichste Land vun der Welt stattfënn, dat amgaangen ass sech duerch säi rasante wirtschaftleche Wuesstem zu enger neier Weltmuecht ze entwéckelen, huet d'Lëtzebuurger Regierung décidéiert, fir bei dësem wichtige Evenement mat engem eegene Pavillon dann och präsent ze sinn.

An dësem Sënn huet de Bauteminister de virleiden Text de 4. September 2008 an der Chamber déposéiert. De Statsrot huet säin Avis zum Projet den 21. Oktober 2008 ofginn. An der Bautekommissioun vum 10. November 2008 gouf ech dann zum Rapporteur vum Gesetzesprojet genannt. An därselwechter Réunioun hunn d'Membere vun der Bautekommissioun de Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot analyséiert. De Statsrot hat beim Artikel 2 vum ursprüngelechen Text mat enger Opposition formelle gedroht. Dowéinst hu mir an der Sitzung vum 10. November eis nei beroden a schlussendlech en Amendement ugehall, deem dunn nees zrëck un de Statsrot gaangen ass.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

De 5. Dezember hate mir als Bautekommissioun nach eng gemeinsam Sitzung mat der Wirtschaftskommissioun, fir iwwert de Pavillon vu Schanghai ze diskutéieren. Den 11. November hu mer schlusslech den Avis complémentaire vum 9. Dezember 2008 vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl. Déi héich Kierperschaft huet sech an deem Avis mam Amendement averstane gewisen an d'Bautekommissioun huet doropshin de

schrëftleche Rapport och an därselwechter Sitzung unanime, also ouni Géigestëmm, ugehall.

Här President, den 3. Dezember 2002 gouf déi gréissten an déi am stäerkste wuessend chineesesch Stad Schanghai fir d'Organisatioun vun der Weltausstellung 2010 bestëmmt. Domadder hätt China dann an engem Zäitraum vun nëmmen zwee Joer zwee vun deene weltwäit gréissten Evenementer ze organiséieren: nämlech d'Olympesch Spiller zu Peking an derniewent d'Weltausstellung zu Schanghai.

Bei der Weltausstellung 2010, déi vum 1. Mee bis den 31. Oktober 2010 dauert an ënnert dem Motto „Eng besser Stad, e bessert Liewen“ steet, wäerte ronn eng 200 Länner matmaachen. Et ginn dann och bis zu 70 Milliounen Visiteuren erwaart.

Datt Lëtzebuerg bei dësem groussen Evenement matmécht, huet éischstens domadder ze dinn, datt et fir eist Land eng laang Traditioun ass, fir bei esou Evenementer derbäi ze sinn, an zweetens, datt eng Weltausstellung fir eis ëmmer eng gutt Geleeënheet ass, fir der Welt ze weisen, datt et eis och gëtt.

D'Ausstellung zu Schanghai huet fir Lëtzebuerg awer nach weider Virdeeler. Als e Land, deem seng Wirtschaft exportorientéiert ass, bitt dës Weltausstellung en ideale Terrain, fir sech um staark wuessende chineesesche Maart ze weisen an nach weider Kontakter mat der chineesescher Industrie an dem chineeseschen Handel kënnen ze knäppen. D'Ausstellung zu Schanghai bitt awer och dem lëtzebuergeschen Tourismussecteur d'Méiglechkeet, fir op d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg hinzeweisen, an dat net eleng, mä awer och dofir, well all Joer ongeféier ronn 100.000 chineesesch Touristen hei op Lëtzebuerg kommen.

A schliesslech wäerten och d'Uni Lëtzebuerg an de Kulturministère vun der Präsenz vun eise Land zu Schanghai profitéieren, fir sech mat der chineesescher Héichschoulwelt ze treffen an doduerjer hiert internationaalt Kooperationsnetzwerk kënnen ze vergrëssere respektiv den Austausch vu chineeseschen a lëtzebuergeschen Artisten och nach ze förderen.

D'Präsenz vu Lëtzebuerg zu Schanghai setzt awer viraus, datt eist Land och e Pavillon baut, deen de genannten Uspréch an dem Konzept vun der Weltausstellung och Rechnung dréit. De Bauteministère hat en offiziellen Architektoconcours organiséiert mat der Virgab, e Pavillon fir eng Fläch vun 3.000 m² ze bauen. E Pavillon, deen e bessert, méi nohaltegt an harmonescht städtescht Liewen duerstelle soll an dobäi vun der Eegeenaart vun eise Land dann och ausgoet.

Den offizielle Concours gouf vum Projet „Small is beautiful too“ gewonnen, an dat weinst senger architektonescher a funktioneller Qualitéit, sengem innovativen Charakter, senger energetescher Effikasitéit a senger einfacher Konstruktionsweis.

Fir sech vun den anere Pavillonen ofzesetzen an d'Identitéit vun eise Land duerstellen, wäert de lëtzebuergesche Pavillon d'Form vun enger quasi monolithescher Skulptur hunn, deen d'Blécker dann och op sech zéie soll. D'Architektur vum Pavillon weist op dë traditionell lëtzebuergesch Haiser an aner historesche Gebaier hin. D'Architekten hu sech beim Entworf vum Pavillon um chineeseschen Numm fir Lëtzebuerg „Lusenbao“ inspiréiert, wat esou vill wéi „Bësch a Festung“ bedeit.

De lëtzebuergesche Pavillon soll also eng Festung sinn, déi mëtten an engem Bësch läit. De Pavillon gëtt konform zu dëser Virstellung konstrukturéiert. An der Mëtt steet dann och en Tour, dee vun de Gebaier ëmginn ass, déi enger Festungsmauer gläichen an déi dann och Öffnungen no bausse wäerten hunn.

De lëtzebuergesche Pavillon charakteriséiert sech duerch seng relativ einfach an démontabel Konstruktoun a respektéiert all urbanistesche, architektonesche a sécherheetstechnesche Ufuerderungen, déi vun de chineeseschen Organisateure gestallt goufen. D'Materialien, déi benotzt ginn, sinn an der Haaptsaach Stol, Holz a Glas. Also alles recycelabel Materialien, déi enger nohalteger an ökologescher Stad dann och gerecht ginn.

Den Daach an en Deel vun de Mauere vum Pavillon wäerte mat Planze bedeckt ginn, wat zu enger natierlecher Isolierung féiert a gläichzäiteg Energie spuert, d'Temperatur erfosetzt, d'Reewaasser zrëckhält an d'Loft méi propper mécht, andeems de Stëbs absorbéiert gëtt. D'Waasser, dat vum Restaurationsberäich gebraucht gëtt, gëtt an enger Kläranlag recyceléiert a kann doduerjer zum Beispill fir d'Bewässerung vun de Planzen dann och duerno benotzt ginn.

De lëtzebuergesche Pavillon wäert aus dräi Beräicher bestoen: éischstens, aus engem Ausstellungsberäich, an deem déi Haapttheme vun der Weltausstellung behandelt ginn; zweetens, aus engem Restaurationsan Animationsberäich, an deem lëtzebuergesch Spezialitéiten a Souveniren ugebuede ginn, an doriwwer eraus sinn Ënnerhaltungsaktivitéiten fir déi Jonk virgesinn; drëtens, aus engem méi multifonctionnell Beräich, dee sech am zentralen Tuerm befënn, an deem kulturell a mënschlech Treffre respektiv Austausch stattfanne wäerten.

De Pavillon wäert inhaltlech den Haaptakzent op d'Stied an dat harmonescht Liewe leeën, dat duerch den technesche Fortschritt a besonnesch d'Kommunikationsmëttelen erméiglecht gëtt. D'Informatiounen, déi d'Visiteuren am Pavillon kréien, ginn dofir och haaptsächlech audiovisuell vermëttelt, an dat op Chineesesch an op Franséisch.

Esou wäerten d'Aktivitéiten vun den Acteuren vun der Lëtzebuurger Wirtschaft d'Geschicht vun de Relatiounen tëschent China a Lëtzebuerg, déi Lëtzebuurger Entwécklungshëllef an Asien an a China an d'Roll vu Lëtzebuerg an de Relatiounen tëschent China an der Europäescher Unioun mat Bléck op den Traité vu Schengen virgestallt ginn. Dës Zeenographie ass allerdéngs nach net definitiv festgehalten a kann am Laf vun de kommende Méint nach verännert ginn.

Här President, d'Konstruktoun an d'Finanzéierung vum lëtzebuergesche Pavillon wäert vun engem wirtschaftlechen Interessgrupp, dee sech Luxembourg@Expo-Shanghai2010 nennt, iwwerholl ginn an an deem de lëtzebuergesche Stat dee gréisste Bäitrag leeschte wäert.

Niewent dem lëtzebuergesche Stat sinn ArcelorMittal, d'Cargolux, d'Chambre de Commerce an d'SES Member vun dësem Interessgrupp, dee sengerzäit vun engem Generalkommissär wäert geleet ginn. Den Interessgrupp wäert ënner anerem fir d'Konstruktoun, d'Exploitatioun, d'Animatioun an d'Koordinatioun vum lëtzebuergesche Pavillon zoustänneg sinn, woubäi awer ze bemerken ass, datt de lëtzebuergesche Stat déi integral Käscht vum Bau vum Pavillon iwwerhëlt, an déi aner Membere vum Interessgrupp sech ënner anerem un de Fonctionnementskäschte vum Pavillon bedeelege wäerten.

ArcelorMittal wäert awer och de Stol fir de Pavillon liwweren, an d'Cargolux sech ëm den Transport vun deem ganze Material këmmen. D'Gesamtkäschte fir d'Konzep-tioun an d'Konstruktoun vum lëtzebuergesche Pavillon ginn op insgesamt 8.920.000 Euro geschat. Eng Schätzung, déi um Bauindex 666,12 vum 1. Abrëll 2008 baséiert.

D'Referenz op de lëtzebuergesche Bauindex war am ursprüngelechen Text net virgesinn, well dëst d'Gesamtkäschte vun der Entwécklung vu chineesesche Baupräisser ofhängeg gemaach huet, wat de Statsrot awer als ze vill riskant emfonnt huet an dofir mat enger Opposition formelle gedroht huet. D'Bautekommissioun huet de Bedenken du vum Statsrot Rechnung gedroen an d'Formuléierungspropos vun der héijer Kierperschaft ugehall a gläichzäiteg awer nach en Amendement ugehall, dee prezisiéiert, datt d'Gesamtzomm vun 8.920.000 Euro sech op eng Konversioun an déi chineesesche Währung baséiere soll.

De Statsrot huet an engem Avis complémentaire säin Accord zu dësem Zousatz ginn. Déi héich Kierperschaft ënnerstëtz dann och ganz kloer an hirem Avis d'Initiativ vun der Regierung, fir e Pavillon fir d'Weltausstellung zu Schanghai ze bauen.

Souwuel d'Chambre de Commerce wéi och d'Chambre des Métiers erkläre sech och d'accord mat dësem Projet. Si weisen awer drop hin, datt eng regelméisseg an och transparent Kontabilitéit vun dësem Groupement d'intérêt économique soll geliwwert ginn. Eppes, wat den designéierte Kommissär an där Commission jointe, den Här Goebbels, als richteg emfonnt huet an och kee Problem dra gesäit, fir d'Chamber hei-riwwer ze informéieren, wann dat verlangt gëtt. Doriwwer eraus huet hien och versprach, der Chamber en detailléierten Of-schlossbericht virzeleeën.

D'Chambre des Métiers hirersäits plädéiert derfir, datt och Lëtzebuurger Betriber aus der Alimentatioun bereet wieren a sech eng Freed géifen doraus maachen, fir un der Réussite gastronomique vun dësem Pavillon matzemaachen.

Esou vill, Här President, vu menger Säit. Fir weider architektonesche, konzeptuell an technesche Detailler vum lëtzebuergesche Pavillon op der Weltausstellung verweisen